

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

De Parking Rousegärtchen ass säit dem Summer 2019 zou, well en duerch de Brand vu gläich e puer Autoen schwéier beschiedegt gouf. An der däitscher Stad Kulmbach hat d'Gemeng no engem änleche Brand an hiren Déifgaragen e provisoersch Parkverbuet fir Elektroautoen erlooss, bis de Pompjeeë fir den Eeschtfall eng entspreichend Spezialausrüstung zur Verfügung stoung. An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 1774 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser huet d'Regierung duergeluecht, wéi eng Formatiounen eis Pompjeeë fir sou e Fall duerchlafen a wéi een Equipement hinnen zur Verfügung steet. D'Regierung huet awer och geschriwwen: "*Dem Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) no leie bis ewell keng Statistike vir, mat deenen et méiglech wier eng spezifesch Ausso iwwer Bränn vun Elektroautoen zu Lëtzebuerg ze maachen*".

An deem Zesammenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, zu wéi vill Accidenter et während de Joren 2013 bis 2021 koum, wou en Auto a Brand geroden ass, wat déi wichtegst Ausléiser vun dëser Katastrophe waren an iwwert wéi een Undriff d'Gefierer jeeweils verfüegt hunn?
- 2) Kann d'Regierung am Sënn vun der Fro virdrun elaboréieren, wéi eng allgemeng Erfahrungswärter aus dëser Katastrophe zeréckbehale goufen, fir datt se zukünfteg besser kënne vermidde ginn? Kann d'Regierung doriwwer raus preziséieren, wéi eng Erkenntnesser fir den zukünftegen Amenagement vun Déifgaragen aus dem Brand um Parking Rousegärtchen zeréckbehale goufen?
- 3) Nieft deenen öffentlechen Déifgaragen, kënt et och vir, datt Wunnegebaier, déi sech an enger privater Kopropriétéit befannen, iwwert en ënnerirdesche Parking verfügen. Wien ass haftbar, falls d'Matpropriëtären oder Drëtter, duerch de Brand vun engem Gefier zu Schued kommen? Wéi eng speziell Dispositioun gëllt fir de Fall, datt sou en Accident am Fall vun engem Elektroauto op d'Luedstatioun zeréckzeféieren ass?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



Jeff Engelen  
Deputéierten